PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Christine Wirtgen , 13:40, 05/08/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/08/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit, Energie & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

D'Regierung huet am Koalitiounsofkommes d'Transitioun op d'Elektromobilitéit als ee Käruleies definéiert, woubäi d'Part vum Elektroauto op eise Stroossen an den nächste Jore klamme soll. Fir dëst Zil z'erreechen, huet d'Regierung eng Primm fir Elektroautoen agefouert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Opgeléscht pro Mount, wéi vill Elektroautoe goufen dëst Joer zu Lëtzebuerg kaf?

   Wéi huet sech den Total par Rapport zum selweschten Zäitpunkt 2019 entwéckelt?

2. Opgeléscht pro Mount, wéi vill Mol gouf d'Primm fir ee Elektroauto dëst Joer accordéiert?
3. Wéi héich ass den Duerchschnëttspräis vun den Elektroautoen, déi dëst Joer mat der Primm ënnerstëtzt goufen?
4. Wat ass de Medianwäert vum Verkafspräis vun den Elektroautoen, déi dëst Joer mat der Primm ënnerstëtzt goufen?
5. Wat ass d'Differenz tëschent de 25% deiersten an de 25% bëllegsten Elektroautoen, déi mat der Primm ënnerstëtzt goufen? (Interquartilofstand)
6. Wéi vill Leeschtung (Kilowatt) haten d'Elektroautoen, déi dëst Joer mat der Primm ënnerstëtzt goufen, am Duerchschnëtt?
7. Wat ass de Medianwäert vun der Leeschtung (Kilowatt) vun den Elektroautoen, déi dëst Joer mat der Primm ënnerstëtzt goufen?
8. Wat ass d'Differenz tëschent de 25% leeschtungsvollsten an de 25% leeschtungsschwaachsten Elektroautoen, déi mat der Primm ënnerstëtzt goufen? (Interquartilofstand)

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 21 SEP. 2020

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

**REÇU**
*Par Christine Wirtgen , 11:43, 21/09/2020*

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°2621 du 5 août 2020 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant la prime pour véhicules électriques, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch, vum Minister fir Energie, Claude Turmes, a vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Carole Dieschbourg, op d'parlamentaresch Fro n°2621 vum 5. August 2020 vum honorabelen Deputéierte Marc Georgen iwwert 100% Elektroautoen**

D'Zuele vun den zu Lëtzebuerg verkaaften Autoe gi net zentral vun der ëffentlecher Hand erfaasst. Ob der anerer Säit sinn d'Zuele vun der SNCA awer disponibel, wéi eng Autoen zu Lëtzebuerg immatrikuléiert ginn. Dëst kënnen och Gefierer sinn déi zwar am Ausland kaf ginn an dann awer zu Lëtzebuerg ugemellt ginn.

An der folgender Tabell sinn d'Zuele vun de nei immatrikuléierten 100% Elektroautoe fir d'Joer 2019 esou wéi fir d'Period vu Januar bis Juli 2020 pro Mount ze fannen:

**Nei Umeldunge vun 100% Elektroautoen (SNCA)**

| Joer | Jan. | Feb. | Mäe. | Abr. | Mee | Juni | Juli | Aug. | Sep. | Okt. | Nov. | Dez. |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **2019** | 28 | 72 | 141 | 97 | 80 | 131 | 77 | 62 | 90 | 65 | 50 | 93 |
| **2020** | 100 | 113 | 123 | 44 | 110 | 211 | 230 | 236 | | | | |

D'Baisse vu Neiimmatrikulatiounen am Abrëll vun dësem Joer par rapport zu de Méint virdrun ass gréisstendeels op déi sanitär Kris zeréckzeféieren. Eng Rei Autoe goufen doduerch méi spéit ausgeliwwert an immatrikuléiert, wat och zum Deel déi méi héich Immatrikulationszuelen an de Méint duerno erkläert. Ervirzehiewen ass, datt an den éischte 8 Méint 2020 mat 1167 Gefierer schon daitlech méi nei 100% Elektroautoen ugemellt goufe, wéi am ganze Joer 2019 (986 Gefierer).

Well déi op 8.000 € erhéichte Primm nëmme fir nei 100% Elektroautoe gëllt, déi tëschent dem 11. Mee 2020 an dem 31. Mäerz 2021 kaf ginn a bis spéitstens Enn 2021 fir d'éischt ugemellt ginn, huet dës Mesure wahrscheinlech bis elo nëmmen ee klengen Impakt op déi Neiimmatrikulatiounszuele gehat.

An de leschten 11 Méint goufe vun der Ëmweltverwaltung Primme fir am Ganze 556 100% Elektroautoe accordéiert. Unzemierken ass awer, datt den Auto op d'mannst 7 Méint op de Numm vum Requérant muss ugemellt sinn, ier dësen déi entspriechend Demande bei der Ëmweltverwaltung kann erareechen. D'Zuelen zu de Primme fir 100% Elektroautoen, déi bis elo dëst Joer accordéiert goufen, entspriechen also Autoen déi 2019 kaaft goufen a fir déi eng Primm vu 5.000€ ausbezuelt gouf. Aus den uewe genannte Grënn konnt och nach keng Primm vun 8.000€ ugefrot ginn.

**Accordéiert Primme fir 100% Elektroautoen (Ëmweltverwaltung)**

| Joer | Jan. | Feb. | Mäe. | Abr. | Mee | Juni | Juli | Aug. | Sep. | Okt. | Nov. | Dez. |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **2019** | | | | | | | | | 2 | 48 | 81 | 13 |
| **2020** | 72 | 100 | 56 | 26 | 45 | 67 | 46 | | | | | |

D'Bäileeë vun enger Kopie vum Kafvertrag vum 100% Elektroauto ass bei Demande fir d'Primm vu 5.000€ net gefrot, an dowéinst leien der Ëmweltverwaltung keng Informatioune vir, wéi héich de Verkafspräis vun dëse Gefierer ass.

Wëll ënner anerem awer de Certificat d'immatriculation bei d'Demande muss bäigeluecht ginn, kann allerdéngs d'Leeschtung vun de Gefierer erfaasst ginn. Sou läit d'Duerchschnëttsleeschtung vun den 100% Elektroautoen, fir déi dëst Joer bis elo eng Primm accordéiert gouf, bei 107 kW. De Medianwäert vun der Leeschtung vun engem 100% Elektroauto, dee mat der Primm ënnerstëtzt gouf, ass 100 kW, an d'Differenz tëschent de 25% leeschtungsvollsten an de 25% leeschtungsschwächsten 100% Elektroautoen, déi mat der Primm ënnerstëtzt goufen, läit bei genau 100 kW.